



N° 4402
Reçue le 03.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.06.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/06/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

An mengem parlamentareschen Froen n°895 a 4282 hat ech de Gesondheitsministère op Ruptures de stock vu medezineschem Cannabis opmierksam gemaach. Deemools gouf wéinst dem Manktem u Cannabis um Maart deelweis entscheet, fir kengem néie Patiente méi ee Cannabis-Traitement ze verschreiwen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ginn d'Dokteren an d'Apdikten am Virus informéiert, wann sech eng Penurie u Cannabis undéit?
Ginn d'Patienten am Virus iwwert eng méiglech Penurie informéiert?
Falls net, ass geplangt dës Acteuren an Zukunft méi fréi iwwert Ruptures de stock z'informéieren?
2. Sinn d'Apdikten an d'Doktere schonn iwwert d'Resultater an d'Konklusiounen vun der Pilot-Phase informéiert ginn?
3. Laut DPM (Division de la Pharmacie et des Médicaments) ginn d'Cannabis Produiten op hir Qualitéit a Sécherheet vun der Santéautoritéite kontrolléiert.
Wien féiert dës Kontrollen duerch?
No wéi enge Krittären ginn dës Produite kontrolléiert?
Mat wat fir enger Frequenz ginn dës Kontrollen gemaach a wéi vill Kontrollen si bis elo duerchgefouert ginn?
Wat waren d'Resultater vun dësen Kontrollen?
Ginn d'Dokteren an d'Apdikten iwwert d'Resultater vun dësen Kontrollen informéiert?



www.piraten.lu

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu